LES AMIS DE LA MUSIQUE MILITAIRE
ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF FONDÉE EN 1998

Bulletin N°25 - 12/2012

En avant.....
marche....

Am Gespréich mam neie Chef

„D'Nationalequipe vun der Lëtzebuerger Blosmusek“

De Leutnant Jean-Claude Braun schwätzt iwwert d'Militärmusek a seng Pläng

Wat war Är éischt Reaktioun, wéi d'Nouvelle komm ass, dass Dir neie Chef vun der Militärmusek wiert?
Do muss ech soen, dass dat Gefill schwéier ze beschreiwen ass. An den annerhallef Joeren, wou de Poste vum Dirigent vakant war, hat sech verständlecherweis eng gewësse Spannung opgebaut. Duerno ass dann déi ustrengend Examenszäit mat hirer Ongewëssheet iwwert den Ausgank komm. D'Nouvelle, dass ech den Examen gepackt hat, hunn ech mat Erliichterung a Freed opgeholl. Ech wollt awer a wëll och weider mat béide Féiss um Buedem bleiwen, fir meng Verantwortung z'iwwerhuelen.

Nieft dem Orchestre philharmonique de Luxembourg ass d'Militärmusek zu Lëtzebuerg déi eenzeg Formatioun nëmmen aus Beruffsmuseker, déi

doriwwer eraus och nach alleguerte Lëtzebuerger sinn. Wat bedeit et fir Iech, un der Spëtzt vun dëser traditiounsräicher kultureller Institutioun ze stoen?
An der Geschicht vu bal 175 Joer vun der Militärmusek huet et esou munnech grouss Nimm un hirer Spëtzt ginn, déi op verschidde Manéiere vill an der Geschicht vum Lëtzebuerger Land matgewierkt hunn. Et ass eng ganz grouss Éier, fir mech an dee Palmarès kënnen anzebréngen. Ech hunn deemno vill Respekt virun dësem Posten a fannen dat Vertrauen, dat a mech gesat gëtt, als eng grouss Erausfuerderung, fir meng Saach wierklech gutt ze maachen. Och sinn ech gespant op déi Aufgaben, déi op mech zoukommen.

Ass d'Militärmusek fir Iech eppes aneschter ginn, wéi virun e puer Méint, wou Dir nach als einfache Museker an der Rei um Pult souzt?
Bis virun e puer Méint hunn ech mäin Déngscht gemat, esou wéi ech et ugestallt gi sinn. Elo awer muss ech soen, wat geschéie soll. Et ass also so munneches ganz anescht ginn, andeems ech vill méi an Usproch geholl ginn, wéi dat bis elo de Fall war. Ënnert anerem sinn ech och fir d'Personalverwaltung vun de 60 Museker zoustänneg, eng Aufgab, déi net ze vernoléissegen ass.

An der Militärmusek, déi sech staark verjéngt huet, stécht e grousst Potential. Wéi wëllt Dir deen notzen?
Et ass natierlech eng Freed, als Dirigent en Orchester zur Verfügung ze hunn, dee wierklech e Potential fir de Chef ass. Ech si motivéiert, fir déi jong Leit sou z'encouragéieren, dass dëse Potential och zur Geltung kënnt. Och wëll ech dofir suergen, dass eis jonk Museker d'Méiglechkeet kréien, fir sech am Ausland weider ze bilden. Wat de Programm selwer ugeet, sou wëll ech d'Museker mat abannen, méi mat Gaaschtdirigente zesumme schaffen an op Festivalen an d'Ausland goen.

Et gëtt kaum e Kandidat fir eng Plaz, dee keng konkret Pläng huet. Oder ass dat vläicht bei Iech net de Fall?
Jo, ech hat an hunn och nach vill Pläng, fir den Orchester méi an d'Rampeliicht ze setzen. De Wiessel vun Dirigenten um Pult gesinn ech als eng nëtzlech Saach un, well Routine net gutt fir d'Museker ass. Ausserdeem wëll ech d'Lëtzebuerger Militärmusek am Ausland méi bekannt maachen, grouss Komponisten op se opmierksam maachen an dës no Méiglechkeet fir en Ofschlossconcert engagéieren. Do dernieft setzen ech op Auslandstournéeën an op eng verstäerkt CD-Produktioun.

Wéi gesi Dir déi mëttel- bis laangfristeg d'Roll vun der Militärmusek?
Hir Roll geet an zwou grouss Richtungen. Do ass fir d'éischt de militäreschen Aspekt, bei deem et em de musikaleschen Encadrement vu groussen Ereegnesser geet. Da gesinn ech d'Militärmusek als Nationalequipe vun de Lëtzebuerger Blosmuseken un, fir déi sech déi gutt Lëtzebuerger Museker intresséiere sollten an déi och der Jugend eng Chance bidde soll. Et ass dëst alles e laange Wee, deen ech awer goe wëll, fir d'Militärmusek an dës spezifesch Roll anzeféieren.

A wéi engem Mooss wierkt sech bei der Militärmusek dat Militärescht op dat kulturellt Schaffen aus?
Et ass esou, dass mir formal an déi militäresch Strukturen agebonne sinn an äis an deem Kader bewegen. Allerdéngs hu mir d'Hänn zimmlech fräi, an d'Arméi schwätzt äis bei der Zesummesetzung vum musikalesche Programm net dran.
D'Militärmusek huet vill obligatoresch offiziell Optrëtter. Wou wëllt Dir do dernieft Accenter setzen, fir dësen ausgezeechente Musekskorps och international méi bekannt ze maachen?
Do gesinn ech mech an enger offensiver Phase, andeems ech selwer op Dirigenten, CD-Produzenten, Verlagen, Komponisten hei am Land an am Ausland zougoe wëll. D'Militärmusek ass prett fir d'Zesummenaarbecht a wëllt sech als professionellen Ensemble zur Verfügung stellen. Mäi grousst Zil ass dat, dass d'Militärmusek sollt gefrot ginn, well se gebraucht gëtt, a net selwer muss froe goen.

Kënn Dir an deem Zesummenhank vläicht schons deen een oder anere Projet verroden?
Fir 2013 ass d'Produktioun vun dräi CDen geplangt, och mat Wierker vu Lëtzebuerger Komponisten. Da stinn zwee Concerten am Saarland um Programm, an zwar een beim Saarländische Rundfunk an deen aneren zu Saarbrécken an der Kongresshalle. Den 12. Mee 2013 spillt d'Militärmusek an der Philharmonie um Kierchbierg den Ofschlossconcert vun engem internationalen UGDA-Concours an de 25. Oktober steet e Concert ennert der Leedung vum Johann de Meij hei zu Lëtzebuerg um Programm. 2014 sinn dräi grenziwwerschreidend Concerten an der Groussregioun zesumme mat dem I.N.E.C.C. (Institut Européen de Chant Choral) virgesinn. Och hätt ech net ongär, wa mir e Komponisteconcours organiséiere kënnten.

Hu Dir ofschléissend eventuell e ganz spezielle Wonsch, wat Är Aarbecht als Dirigent vun der Militärmusek ugeet?

Mäi grousse Wonsch ass deen, dass ech meng Leidenschaft fir d'Musek un de ganzen Orchester ka weiderginn. «Führen, formen, geschehen lassen», dat beschreiwt eigentlech ganz gudd wéi ech meng Aarbecht an der Militärmusek wëll ugoen.

Musikalische Klänge aus dem Reich der Mitte

Militärmusik und Solist Peng-Peng Gong begeisterten bei doppelter Premiere in Luxemburg

Pianist Peng-Peng Gong und Dirigent Jean-Claude Braun nehmen Hand in Hand den verdienten Applaus entgegen

Zweifellos wird das Konzert vom 23. November 2012 im Musikkonservatorium der Stadt Luxemburg in die Annalen der Militärmusik eingehen. Es war nämlich zum ersten Mal in der 170-jährigen Geschichte des traditionsreichen Musikkorps, dass ein Programm mit ausschliesslich chinesischer Musik dargeboten wurde. Ausserdem war es der erste grosse Auftritt des neuen Dirigenten, Leutnant Jean-Claude Braun.

Dieses von den „Frënn vun der Militärmusek“ organisierte aussergewöhnliche Konzert fand im Zusammenhang mit dem 40-jährigen Bestehen diplomatischer Beziehungen zwischen dem Grossherzogtum Luxemburg und der Volksrepublik China statt und stand dementsprechend unter der Schirmherrschaft der chinesischen Botschaft in Luxemburg. Die Organisation erfolgte in Zusammenarbeit mit der „Lëtzebuerger Gesellschaft fir Nei Musek“ (LGNM), der Vereinigung „Amitiés Luxembourg-Chine“ und der Stadt Luxemburg. Hauptsponsor der Veranstaltung war das weltweit bekannte chinesische Telekommunikationsunternehmen Huawei. In Abstimmung mit Dirigent Jean-Claude Braun hatte der LGNM-Präsident Marcel Wengler das Notenmaterial in China beschafft.

Als Solist war der junge chinesische Pianist und Komponist Peng-Peng Gong verpflichtet worden, der aus New York, wo er lebt und studiert, direkt nach Luxemburg kam. Der am 3. Juli 1992 in Nan jing (auch noch Nanking genannte Hauptstadt der chinesischen Provinz Jiangsu) geborene Gong, der sich später den Künstlernamen Peng-Peng zulegte, gilt als musikalisches Wunderkind. Bereits im Alter von vier Jahren erhielt er Klavierunterricht,

Höhepunkt des Abends war zweifellos das „Yellow River Piano Concerto“ von Xian Xinghai mit dem Solisten Peng-Peng Gong

Der Virtuose in voller Aktion: Peng-Peng Gong

mit neun Jahren nahm ihn das Musikkonservatorium von Shanghai an, und nach dem Gewinn mehrerer Wettbewerbe in China erfolgte schliesslich 2001 seine Aufnahme in die renommierte Juilliard School in New York. Eminente Professoren, wie beispielsweisedie Pianistin Yohered Kaplinsky, der Komponist Andrew Thomas und Orchesterchef Samuel Adler, kümmerten sich um die Ausbildung des jungen Talentes. Der blutjunge Pianist machte rasant eine grosse Karriere, deren erster Höhepunkt 2005 sein Auftritt bei der Gala anlässlich der Hundertjahrfeier der Juilliard School mit dem 2.Klavierkonzert von Sergei Rachmaninow unter der Leitung des weltbekannten amerikanischen Komponisten, Oscar-Preisträgers und Dirigenten John Williams war. Es folgten Konzerte mit international bestbekannten Dirigenten und Orchestern in Nord-und Südamerika, Europa und China. Bereits mit 14 Jahren nahm ihn die weltbekannte Künstleragentur „Opus 3 Artist“ unter Vertrag.

Peng-Peng Gong entwickelte auch früh eine grosse Leidenschaft für das Komponieren. So schrieb er im Alter von nur 16 Jahren seine erste Sinfonie, die den Opfern der Erdebebenkatastrophe von 2008 in der chinesischen Provinz Sichuan gewidmet war. Mittlerweile hat er zwei weitere Sinfonien, sechs sinfonische Ouvertüren, drei Klavierkonzerte, mehrere Kammermusikwerke, Klaviersoli und das 2010 preisgekrönte sinfonische Gedicht „Hourly Reminiscence“ nach der gleichnamigen Geschichte von Kate Chopin komponiert.

In Luxemburg begeisterte der virtuose Peng-Peng Gong das Publikum mit dem bekannten „Yellow River Piano Concerto“ in vier Sätzen von Xian Xinghai, das für ihn etwas ungewohnt von einem Harmonieorchester begleitet war. Viel Applaus gab es auch für Adjutant Ernie Hammes, der das beeindruckende „Kabayer Trumpet Concerto“ von Chen Qian mit viel Engagement vortrug. Auf dem Programm standen ausser diesen Paradestücken noch die Werke „Come drink one more cup of wine“ von Chen Qian und „Ambush 'Return with honor'“ vom selben Komponisten. Als Zugabe spielte die Militärmusik das „Capriccio of Kang-ding Love Song“ von Xiao Hu.

Durch das Programm des kulturellen Abends führten Nello Zigrand, Sekretär der Militärmusik, und in chinesischer Sprache der junge Student Jerôme Hecker, Sohn des aktiven Militärmusikers Alain Hecker.

Präsident Joseph Lorent bei der Begrüssungsansprache,...

... Botschafter Zeng Xianqi bei der Rede über die Beziehungen China-Luxemburg und...

...Nello Zigrand und Jérôme Hecker, die durch das Programm führten

Das bestimmende Tandem des erfolgreichen Kulturabends: Solist Peng-Peng Gong und Dirigent Jean-Claude Braun

Als Ehrengäste wohnten dem nahezu ausverkauften Konzert bei: Hofmarschall Pierre Mores, Ehrenstaatsminister Jacques Santer, die finnische Botschafterin Marja Lehto als Doyenne des in Luxemburg residierenden Diplomatischen Korps, mehrere Botschafter anderer Länder, General Gaston Reinig, der beigeordnete Generalstabschef Alain Duschène, u.a.m. (j-lo)

Eine Stimme aus dem Ausland

„Das Konzert mit chinesischer Musik hat uns sehr beeindruckt. Die Virtuosität des jungen Peng Peng Gong am Flügel war hinreißend. Unsere Hochachtung vor Lieutenant Jean-Claude Braun, der dieses Konzert mit seinen Musikern möglich gemacht hat.
(.....)
Wir gratulieren Ihnen für diesen sehr gelungenen Beitrag für den Frieden und die Freundschaft unter den Völkern dieser Welt."

Dr. Albrecht Martini, Trier
(25. November 2012)

Viel Applaus gab es auch für Ernie Hammes als Solist des «Kabayer Trumpet Concerto»

Fotos: Guy Lorent & Jean Thillmany

Aktuelles vum Orchester

2012 huet eis Militärmusik zwee nei Sergeanten agestallt:

D'**Vanessa Lommer** gouf 1990 zu Lëtzebuerg gebuer, a mat fënnef Joer huet hatt déi éischt musikalesch Erfahrung an der Kannerchorale vun Zolwer gemaach. 4 Joer méi spéit huet d'Vanessa schon an der Harmonie des Jeunes vun Zolwer matgespillt.

Seng musikalesch Etuden huet hatt fir d'éischt zu Esch am Conservatoire gemaach, wou de Jury him 2009 an der Klass vum Militärmusiker Marc Müller den éischte Präis decernéiert huet. 2012 war et dann um Diplôme supérieur an der Flûte an um éischte Präis an der Kammermusik, allenzwee am Stater Conservatoire beim Carlo Jans.

Am selwechte Joer huet d'Vanessa och zu Maastricht säin Bachelor Diplôme an der Klass vum Philippe Benoit gemaach an haut preparéiert hatt säi Master Diplôme.
Dem Vanessa säin zweet Instrument ass de Piano, awer et soll och betount ginn, dass hatt eng wonnerschéi Stëmm huet fir ze sangen. Hatt huet jeweils eng éischt Mentioun am Chant, an der däitscher Dictioun an am Art Dramatique. Zu senger musikalescher Ausbildung gehéieren natiirlech och Fächer wéi Harmonie, Methodologie, Analyse an Jazz.

D'Vanessa huet och Chorale- an Orchesterdirektioun geléiert, e.a. bei Leit wéi Thomas Kraemer, Camille Kerger, Martin Folz a Jan Cober. Masterklassen huet hatt besicht beim Philippe Pierlot, Carlo Jans, Jean-Claude Gérard, Mia Dreese an Carine Ievine. 2011 war hatt op der Musikhochschule Würzburg beim Professer Hermann Klemeyer an Ruth Wentorf. D'Vanessa huet matgewierkt beim OPL an der 4ter Symphonie vum Tchaikowsky. Haut dirigéiert hatt de Jugendchouer vun Dummeldeng an hält Couren an de Musikschoulen zu Bartreng, Rëmeleng, Leideleng an Stroossen.

De **Pit Keller** gouf 1991 zu Lëtzebuerg gebuer. Seng éischt musikalesch Schrëtt huet hien um Cents gemaach, wou hien am Alter vun 7 Joer bei de Militärmusiker François Schammo Cor léiere gaang ass.Als zweet Instrument huet de Pit sech den Cello erausgesicht an 2012 an der Klass vum Claude Giampellegrini eng zweet Mentioun gemaach.

Am Stater Kolléisch huet hien 2010 eng Première F gepackt an am selwechte Joer ass hien an d'Arméi agetratt. Zënter Januar 2011 spillt hien bei eis am Orchester.

Am Stater Conservatoire huet de Pit sech an der Klass vum Carlo Pettinger um Cor perfectionéiert an 2012 den Diplôme Supérieur kritt. Niewt Masterklassen beim Froydis Ree Wekre, Francis Orval, Hervé Joulain an Premsyl Vojta huet hien och bei Projeeëen mam UGDA Jugendensemble, dem Orchestre de la Grande Région an dem OPL matgemaach. Dräi Mol war de Pit Lauréat vum « Concours Jeunes Solistes ».

D'Vanessa Lommer grad esou wéi de Pit Keller si musikalesch an och mënschlech eng Beräicherung fir eisen Orchester, a mir wënschen hinnen dat Allerbescht fir hir Zukunft.

Op der enger Säit kommen der dobäi , op der anerer Säit ginn der fort, esou dass den Orchester ëmmer am Equiliber bleiwt.

Vive la retraite !!!

De **Pierre Christen** war Member an der Militärmusik vun 1973 bis 2012, wou hien fir d'éischt Trombone à coulisse an zum Schluss Basstrombone gespillt huet. No senger Première am Stater Kolléisch ass de Pierre op d'Universität des Saarlandes gaang wou hien franséisch Philologie, Musikwissenschaft a Philosophie studéiert huet, fir dann ee Magister Artium mat Gesamtprädikat „sehr gut" ofzeschléissen.
Musikalesch huet de Pierre am Stater Conservatoire ee Prix de capacité um Piano an op der Trombone, een éischte Präis an der Kammermusik an ee Prix supérieur an der Kompositioun. Wéi hien an der Militärmusik op d'Basstrombone gewiesselt ass, huet hien 2011 den éischte Präis op dësem Instrument nogemaach.

Am Conservatoire National de Région zu Metz krut hien eng 1ère Médaille am Déchiffrage an eng Médaille d'or op der Trombone. Desweideren war hien am Conservatoire Royal de Liège, wou hien de Certificat final an der Analyse musicale an jeweils een éischte Präis an der Harmonie, dem Kontrapunkt, der Musiksgeschicht an der Fugue kritt huet.

Während senger Carrière an der Militärmusik huet de Pierre Christen Couren an de Musikschoulen zu Réiden, Péiteng, Diddeleng an am Conservatoire du Nord gehalen.
Zu senge Kompositioune gehéieren:
Klaviersonate, „Basho" suite de 27 Haïkaï, Quatuor L'Epitaphe Villon, Concerto fir Tuba, « Ad Ryvum » , 3 Lieder nach Texten von Peter Huchel an d'Streichquartett Nr.2.

De Pierre spillt zënter dem 4. Juni 2012 net méi an der Militärmusik. Mir wënschen him dat Allerbescht fir seng wuelverdingte Pensioun an am Numm vum ganzen Orchester soe mir him Merci fir all dat, wat hien als Trombonist an als Pianist fir de Klang vun dësem Ensemble gemaach huet.

Um Programm:

Concert de Bienfaisance
mercredi le 30 janvier 2013
à 20.00h au Conservatoire de Luxembourg

FONDATION MAISON DE LA PORTE OUVERTE

luxembourg city tourist office

Chers membres, nous avons réservé pour vous 120 places gratuites au centre de la salle. Veuillez réserver par téléphone au 26785904 ou par info@fvmm.lu.

PROVISORESCHE KALENNER
JANUAR BIS JULI 2012

Cotisation annuelle 2013

Cher membre,

Nous vous prions de bien vouloir verser la cotisation annuelle 2013 de 25€ sur un de nos comptes: CCPL: Lu 19 1111 1371 3776 0000
BGLL: LU42 0030 8158 6734 0000 en utilisant le virement annexé.

Nous vous remercions d'avance pour votre encouragement et nous espérons pouvoir vous accueillir nombreux lors de nos concerts en 2013.
Le bureau exécutif: Joseph Lorent, président, Christiane Schaul, secrétaire, Emile Noesen, Trésorier, Louis Schmitz, Jos Schockmel, Marc Desorbay, membres.